N°7525
Entrée le 30.01.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 30.01.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/01/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Immigratioun an Asyl weiderzeleeden.**

De Rapport vum Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher wéisst kloer ob, dass et a Punkto Ënnerbréngung vu Geflüchteten nach ganz vill Baustelle ginn. Eng vun de Recommandatioune vum Okaju ass eng méi individuell Betreiung "droits de l'enfant by design" vun de Kanner an de Flüchtlingsstrukturen. Ufanks Januar gouf bekannt, dass am Gebai T um Kierchbierg bis zu 1167 Better sollen opgebaut ginn. Esou grouss Strukture maachen eng individuell Betreiung awer quasi onméiglech.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wat sinn d'Pläng vum Ausseministère a Punkto Ausbau vun de Foyere fir d'Joer 2023?
2. Wéi eng Unzuel un Better viséiert de Ministère an deene verschiddene Strukturen (opgelëscht no Gebai)?
3. Bekennt sech de Ministère zu engem Ausbau mat Hëllef vu méi klenge Flüchtlingsstrukturen, wou d'Leit méi individuell gehollef kënne kréien, fir esou Zoustänn wéi am Foyer zu Miersch, déi vum Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher kloer denoncéiert gi sinn, ze vermeiden?
4. Wat ass an den Ae vum Minister eng gutt Unzuel un Assistants sociauxen an Educateuren? Wéi vill Assistants an Educateuren sollen op 100 Persounen mat BPI respektiv DPI Statut kommen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten